

De Warnkatalog


Definitiouen & Konditiounen fir
Virwarnungen & Warnungen




Hiweiser

Definitiounen & Konditiounen

Ënnert engem **Hiweis** versteet een d'Informatioun, dass déi genannt Phänomener sech opfälleg verhalen, mee net hir jeeweileg Warnschwellen erreechen. Se kommen haaptsächlech bei markanten Temperaturen, Schnéifall an och glate Stroossen an den Asaz. Zanter 2024 kënnen och Donnerwieder, déi d'Warnschwell net erreechen, mat engem Wiederhiweis gekennzeechent ginn.



Beispill:



Wiederhiweiser gi nëmmen an Ausnahmefäll per Push-Noricht iwwer d'App kommunizéiert, sinn awer stänneg um Internetsite & op Social Media ze fannen.



VIRWARNUNGEN & WARNUNGEN **Donnerwieder**



Virwarnungen

Definitioune & Konditioune


DONNERWIEDER

Ënnert enger Virwarnung versteet een d'Informatioun, dass d'Atmosphär dozou kapabel ass, an Zäit vun de nächsten **3 bis 6 Stonnen** Donnerwieder vu mindestens engem **Akutwarn-Niveau 1** bis **Niveau 2** ze generéieren. Eng Virwarnung soll et engem erméigleche, sech op e méiglecht Onwieder virzebereeden.



KRITTÄREN:

Virun enger akuter Donnerwiederwarnung muss net onbedingt ëmmer eng Virwarnung am Viraus aktiv sinn. Virwarnunge gi meeschtens un Deeg erausginn, un deenen et ze erwaarden ass, dass mat enger gréisserer Sécherheet, op enger nennenswäerter geografescher Fläch an/oder a signifikantem Ausmooss warnrelevant Phänomeener méiglech sinn.



Eng Virwarnung beschreift, dass an der Atmosphär **d'Zutaten fir warnrelevant Donnerwieder** enthalte sinn. Ob a wou se sech genee forméiere wäerten, ass awer **nach net exakt** gewosst. Eréischt dann, wa se eiser Groussregioun méi no komme, gi se, op lokalisierter Basis, mat engem akute **Warnpolygon (Donnerwiederwarnung)** versinn.

Warnungen


Definitionen & Konditiounen

DONNERWIEDER

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass sech entweder en Donnerwieder vu **mindestens dem Niveau 1** forméiert huet, oder et **um Wee / imminent** ass. Trefft Är lescht Virbereedungen.



Beispill:



Eng Warnung gëtt fir spezifesch Géigenden erausginn, dat meeschtens 15 bis 45 Minutten virum antreffen. Solt et sech ëm signifikant Onwieder handeln, da gouf mat grousser Sécherheet schonn bis zu 6 Stonnen am Voraus per **Virwarnung** eng Informatioun erausginn. Dovun ofgesi kënnen, je no Intensitéit, schonn Deeg virdrun Artikelen driwwer verëffentlecht ginn.

Déi fir déi jeeweileg Niveauen opgezielt Phänomener musse net gläichzäiteg zoutreffen & sech och net bis un den definéierte Maximum entfalen. D'Eenzelheete sinn an der Warnung selwer beschriwwen.




Tornado

Warnungen


Definitioune & Konditioune

TORNADO

Dëse Produit ass ausdrécklech **experimentell**, mee konnt am Joer 2024 an zwee berechtegte Fäll agesat ginn. Duerch d'Radardonnéë vum hautzedags an d'Vernetzung per Social Media kann am Idealfall och virun engem aktiven Tornado gewarnt ginn.



Beispill:



D'Warnung fir de "Péiteng-Tornado" hätt kéinten esou ausgesinn.

Eng Warnung gëtt fir e klengen definéierte Beräich erausginn, dat onmëttelbar ier d'Gefor antrëfft bis hin zu héchstens 15 bis 30 Minutten am Viraus. Éischter ass dat an de meeschte Fäll net méiglech.

Wéi mir et dem Tableau kënnen enthuelen, muss bei enger Warnung net onbedingt en Tornado aktiv sinn. Et ass awer op d'mannst de Fall, dass sech duerch déi momentan Konditioune all Moment ee kann entwéckelen.



Staarkreen




Warnungen

Definitioune & Konditioune

STAARKREEN

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass sech entweder Staarkreen vu **mindestens dem Niveau 1** forméiert huet, oder en **um Wee / imminent** ass. Trefft Är lescht Virbereedungen.

Beispill:



Eng Warnung gëtt fir eenzel kleng Géigenden erausginn, dat 15 bis 45 Minuten virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischer.

Déi fir déi jeeweileg Niveaue opgezielt Phänomener mussen net gläichzäiteg zoutreffen & sech och net bis un den definéierte Maximum entfalen.



VIRWARNUNGEN & WARNUNGEN

Dauerregen



Virwarnungen

Definitioune & Konditioune

DAUERREEN

Ënnert enger Virwarnung versteet een d'Informatioun, dass d'Atmosphär dozou kapabel ass, an Zäit vun de nächste **6 bis 24 Stonnen** Dauerreen vu mindestens engem **Niveau 1** ze generéieren. Dauerreen ass méiglech, mee **muss net** optrieden. Et soll een awer drop virbereet sinn.



KRITTÄREN:

>25 - 40 l/m² | 12 Stonnen

>30 - 50 l/m² | 24 Stonnen

>40 - 60 l/m² | 48 Stonnen

Eng Virwarnung gëtt meeschtens op gréisserer Fläch iwwer d'Nopeschlänner verdeelt erausginn.

Déi fir déi jeeweileg Niveaue opgezielt Phänomener musse net gläichzäiteg zoutreffen & sech och net bis un den definéierte Maximum entfalen.


Warnungen

Definitiounen & Konditiounen

DAUERREEN

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass sech entweder Dauerreen vu **mindestens dem Niveau 1** forméiert huet, oder en **um Wee / imminent** ass. Trefft Är lescht Virbereedungen.

Beispill:



Eng Warnung gëtt am Fall vun Dauerreen fir e méi konkrete Beräich erausginn, dat 2 bis 6 Stonnen virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischter.

Déi fir déi jeeweileg Niveaueu opgezielt Phänomener musse net gläichzäiteg zoutreffen & sech och net bis un den definéierte Maximum entfalen.



VIRWARNUNGEN & WARNUNGEN **Stuerm**



Virwarnungen

Definitioune & Konditioune

STUERM

Ënnert enger Virwarnung versteet een d'Informatioun, dass d'Atmosphär dozou kapabel ass, an Zäit vun de nächste **12 bis 24 Stonnen** Wandvitesse vu mindestens engem **Niveau 1** ze generéieren, **ouni** Afloss duerch Donnerwieder. Stuerm mat der definéierter Intensitéit ass méiglech, exakt Eenzelheete sinn awer nach net kloer. Et déngt trotzdem zur Virbereedung.



Anescht wéi bei groussflächege Situatioune wéi Donnerwiederlagen, gi Virwarnunge viru Stuerm op lokaler Landesbasis erausginn.

Déi fir déi jeeweileg Niveauen opgezielt Phänomener mussen sech net bis un den definéierte Maximum entfalen.


Warnungen

Definitioune & Konditioune

STUERM

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass e Stuerm vu **mindestens dem Niveau 1** ze erwaarden ass. Trefft Är lescht Virbereedungen.

Beispill:



Eng Warnung gëtt am Fall vu Stuerm fir e méi konkrete Beräich erausginn, 6 bis 12 Stonnen virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischter.

Déi fir déi jeeweileg Niveaue opgezielt Phänomener mussen sech net bis un den definéierte Maximum entfalen.



VIRWARNUNGEN & WARNUNGEN **Schnéi**



Virwarnungen

Definitioune & Konditioune

SCHNÉIFALL

Ënnert enger Virwarnung versteet een d'Informatioun, dass d'Atmosphär dozou kapabel ass, an Zäit vun de nächste **6 bis 24 Stonnen** Schnéifall vu mindestens engem **Niveau 1** ze generéieren. Schnéifall mat der definierter Intensitéit ass méiglech, mee **muss net** optrieden. Et soll een awer drop virbereet sinn.



Anescht wéi bei groussflächege Situatioune wéi Donnerwiederlagen, gi Virwarnunge viru Schnéifall op lokaler Landesbasis erausginn.



Warnungen

Definitioune & Konditioune

SCHNÉIFALL

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass sech entweder Schnéifall vu **mindestens dem Niveau 1** forméiert huet, oder en **um Wee / imminent** ass. Trefft Är lescht Virbereedungen.

Beispill:



Eng Warnung gëtt am Fall vu Schnéifall fir e méi konkrete Beräich erausginn, dat 2 bis 6 Stonnen virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischter.

Déi fir déi jeeweileg Niveaue opgezielt Phänomener musse net gläichzäiteg zoutreffen & sech och net bis un den definéierte Maximum entfalen.



Glötz/Äisreen



Virwarnungen

Definitioune & Konditioune

ÄISREEN/GLËTZ

Ënnert enger Virwarnung versteet een d'Informatioun, dass d'Atmosphär dozou kapabel ass, an Zäit vun de nächste **6 bis 24 Stonnen** Glëtz oder Äisreen vu mindestens engem **Niveau 1** ze generéieren. Eenzelheete si nach net kloer, mee et kann ee sech schonn mol op eng méiglech Gefor virbereeden.



Anescht wéi bei groussflächege Situatioune wéi Donnerwiederlagen, gi Virwarnunge viru Schnéifall op lokaler Landesbasis erausginn.

Warnungen

Definitiouen & Konditiounen

ÄISREEN/GLËTZ

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass Äisreen/Glëtz vu **mindestens dem Niveau 1** ze erwaarden oder amgaangen ass. Trefft Är lescht Virbereedungen.



Eng Warnung gëtt am Fall vu Glëtz/Äisreen fir e méi konkrete Beräich erausginn, dat 2 bis 6 Stonnen virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischter.

Déi fir déi jeeweileg Niveaueu opgezielt Phänomener musse net gläichzäiteg zoutreffen & sech och net bis un den definéierte Maximum entfalen.



VIRWARNUNGEN & WARNUNGEN

Schnéisturm



Virwarnungen

Definitiounen & Konditiounen

SCHNÉISTUERM

Ënnert enger Virwarnung versteet een d'Informatioun, dass d'Atmosphär dozou kapabel ass, an Zäit vun de nächste **6 bis 24 Stonnen** e Schnéistuerm vu mindestens engem **Niveau 1** ze generéieren. Eenzelheete si nach net kloer, mee et kann ee sech schonn mol op eng méiglech Gefor virbereeden.




Anescht wéi bei groussflächege Situatioune wéi Donnerwiederlagen, gi Virwarnunge viru Schnéistuerm op lokaler Landesbasis erausginn.

Warnungen

Definitioune & Konditioune


SCHNÉISTUERM

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass e Schnéistuerm vu mindestens dem Niveau 1 **um Wee** / **imminent** ass. Trefft Är lescht Virbereedungen.



Eng Warnung gëtt am Fall vu Schnéistuerm fir e méi konkrete Beräich erausginn, dat 2 bis 6 Stonnen virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischter.

Déi fir déi jeeweileg Niveaue opgezielt Phänomener musse net gläichzäiteg zoutreffen & sech och net bis un den definéierte Maximum entfalen.



WARNUNGEN
Hetzt





Warnungen

Definitioune & Konditioune

HËTZT

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass an de nächsten 12 bis 24 Stonne warnrelevant Hëtzt ze erwaarden ass.

Beispill:



Eng Warnung gëtt am Fall vun Hëtzt fir e méi konkrete Beräich erausginn, dat 12 bis 24 Stonnen virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischter.



WARNUNGEN **Keelt**





Warnungen

Definitioune & Konditioune

KEELT

Ënnert enger **Warnung** versteet een d'Informatioun, dass an de nächsten 12 bis 24 Stonne warnrelevant Hëtzt ze erwaarden ass.

Beispill:



Eng Warnung gëtt am Fall vu Keelt fir e méi konkrete Beräich erausginn, dat 12 bis 24 Stonnen virum antreffen. Nëmme wann d'Situatioun kloer ass, schonn éischter.

Déi fir déi jeeweileg Niveauen opgezielt Phänomener mussen sech net bis un den definéierte Maximum entfalen.